



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/06/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

Am Joer 2021 grad ewéi an deenen éischte Méint vun dësem Joer hunn zu Lëtzebuerg reegelméisseg Manifestatioune stattfonnt. Dës Manifestatioune sinn ëmmer vun der Police ofgeséichert ginn, fir d'Manifestanten an och d'Matbierger ronderëm d'Manifestatioun ze schützen an och Materialschied ze vermeiden. An deem Kader si mengen Informatiounen no eng considerabel Zuel un Iwwerstonne vu verschiddene Beamten a Beamtinne gelescht ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Iwwerstonnen hu BeamtInne vun der Police, déi fir d'Manifestatioune zoustänneg waren, ugesammelt?
2. Wéi vill vun dësen Iwwerstonne goufen era geholl?
3. Wéi vill vun dësen Iwwerstonne goufen ausbezuelst?
4. Wéi vill vun dësen Iwwerstonne sinn nach net ausbezuelst ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)